


NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

17/2014

## Léif Frënn vum Comité Alstad!

Et gëtt erëm Fréijoer an d'Éimaische steet virun der Dier.

Wéi all Joer hu mir och fir 2014 onsen Objet fir Iech prett: En neie Péckvillchen aus der Serie vun onsem Member Sergio Di Paoli, wéi all Joer an onse Faarwen orange a blo .

Mir plangen och un engem Plateau mat der schéiner Reproduktioun vum Panorama vum Krautmaart, dee schon als Drock fir Chrëschtdag erauskoum.

An dann ass dëst Joer, den 1. Juni, erëm en Aulebäckermaart, mat vill Animatioun an de Stroosse virum Palais.

Ons aner Aktivitéite fannt der am Detail an dëse Säiten.

Eng Partie gréisser nei Iddie sinn nach an der Maach, an amgaang mat der Gemeng a mam Kulturministère besprach ze ginn. Heiriwwer wëlle mer nach näischt publizéieren, bis mer onser Saach sécher sinn. E bëssche Spannung ass jo net schlecht!

Mir hoffen, datt ons Projeten Iech gefalen, a freeën ons elo scho fir Iech op onser Porte ouverte, op der Éimaischen an um Aulebäckermaart erëmzegesinn.

*Äre Comité Alstad*

## PORTE OUVERTE

**SAMSCHDES, den 12.04.2014, vun 10:00 Auer – 18:00 Auer**

ass eng Porte ouverte am Sëtz vum Comité Alstad op N°1 an der Logegaass um Fëschmaart. Jiddereen ass häerzlech wëllkomm. Hei huet een d'Méiglechkeet, emol eng Kéier déi ganz Kollektioun ze gesi vun deenen Objeten, déi mir säit 1938 erausginn. 'T kann ee sech iwwert de Comité Alstad informéieren, mat Leit an d'Gespréich kommen, déi vläicht och Sammler sinn, eventuell ënnerenee koppelen, kafen a verkafen. Och onse Fotoarchiv mat Fotoen aus an iwwert d'Alstad kann een deen Dag konsultéieren. Oder ganz einfach, et potert ee mateneen iwwert ons Alstad. Natierlech däerf bäi esou enger Geleeënheet e gudde Patt net feelen.

## OPRUFF

**Fotoe vun der Alstad gesicht.**

De Comite ass zanter e puer Joer amgaang, e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz frou iwwer är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoe vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoe sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoe vu sportleche Manifestatiounen, (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn), Fotoe vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Prossessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoe vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoen oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze din hunn.

De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoen oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.

**COMITÉ ALSTAD A.S.B.L.**

Siège : 1, rue de la Loge • L-1945 Boîte postale 1325 • L-1013 Luxembourg
Téléphone : (352) 46 61 88 • Fax : (352) 40 97 50 •
E-mail : comite.alstad@pt.lu • www.comitealstad.lu



# Panorama « Krautmaart ëm 1650 ».

E Versuch vun enger Rekonstruktioun vum „Neie Maart" ëm 1650 kann een an engem ronne Sall vum Stater Geschichtsmusée bewonneren. Dëse 17 Meter laange Panorama gouf am Joer 2006 réaliséiert vum Antoine Fontaine a sengem Assistent Fréderic Heurlier mat der Ënnerstëtzung vun den « Amis des Musées d'histoire et d'art Luxembourg».

De Comité Alstad bidd Iech elo dee Motiv vum Krautmaart ëm 1650 als Plateau aus der Kollektioun New Wave vu Villeroy & Boch un. E Plateau, deen ee gebrauche kann, fir zum Beispill Apéritifshäppercher oder séisst Gebäck de Gäscht unzebidden. Awer et ass och e ganz schéinen Dékorationsartikel an enger Vitrine.

Bestelle kann een de Plateau beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vu 55 € op ee vun onse Konten, an dat bis spéitstens den 21. Abrëll 2014:

| | |
|---|---|
| Spuerkees: | IBAN LU64 0019 1755 0897 0000 |
| Postscheck: | IBAN LU02 1111 0080 8736 0000 |
| BGL-BNP Paribas: | IBAN LU19 0030 7564 6694 0000 |

(mam Vermierk: Plateau Krautmaart 1650)

D'Moosse vum Plateau sinn 42 x 15 cm. Et sief awer och nach bemierkt, datt de Plateau an enger klenger Unzuel vun nëmmen 100 Stéck produzéiert gëtt, an numméréiert ass. Sollte méi wéi 100 Stéck bestallt ginn, gëtt et eng 2. Editioun, awer net numméréiert.

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Plateau Ouschterméindeg, den 21. Abrëll 2014 op der Éimaischen um Fëschmaart um Stand vum Comité Alstad (Dir fannt ons hannert dem Palais, vu muerjes 08:00 bis 12:00 Auer). Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d' Méiglechkeet, säi Plateau am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 22. Abrëll bis den 15. Mee 2014 ofzehuelen. D'Konschthaus Beim Engel ass all Dag op vun 10:00-12:00 a vun 13:30-18:30 Auer. Méindes ass zou.

*Fir weider Informatioune si mir um Telefon 46 61 88 ëmmer fir Iech do.*

# De Péckvillchen 2014

Wéi et schonn Traditioun ass, huet onse Member Serge Di Paoli och fir dëst Joer e ganz flotte Péckvillchen entworf. Réaliséiert gëtt de Péckvillchen 2014 an der Keramikfabrik zu Esch-Uelzecht, wou autistesch jonk Leit beschäftegt sinn. Bestelle kann een de Péckvillchen vun elo u bis den 21. Abrëll 2014 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vu 25 € pro Stéck op ee vun onse Konten:

| | |
|---|---|
| Spuerkees: | IBAN LU64 0019 1755 0897 0000 |
| Postscheck: | IBAN LU02 1111 0080 8736 0000 |
| BGL-BNP Paribas: | IBAN LU19 0030 7564 6694 0000 |

(mam Vermierk: Péckvillchen 2014)


Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Péckvillchen Ouschterméindeg op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (Dir fannt ons hannert dem Palais, vu muerjes 08:00 bis 12:00 Auer). Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d' Méiglechkeet, säi Péckvillchen am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 22. Abrëll bis den 15. Mee 2014 ofzehuelen. D'Konschthaus Beim Engel ass all Dag op vun 10:00-12:00 a vun 13:30-18:30 Auer. Méindes ass zou.

Et sief nach bemierkt, datt de Péckvillchen 2014 just an enger klenger Oplo vun 150 Stéck produzéiert gëtt, numméréiert a mat engem signéierten Zertfikat vum Artiste.

Mir wënschen iech vill Freed mam Péckvillchen 2014.



## 7. Aulebäckermaart an der Alstad



Et ass schonn zu enger klenger Traditioun ginn, datt de Comité Alstad, an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg, en Aulebäckermaart an der Alstad organiséiert. De Maart ass virun där wonnerbarer Kuliss vum Grousherzogleche Palais, sonndes, den 1. Juni 2014 um Krempelmaart (rue de la Reine) an an der Krautmaartstrooss ( rue du Marché-aux-Herbes). Vun 0900 h bis 18oo h präsentéieren lech Aulebäcker aus Frankräich, Däitschland, der Belsch, Holland a Lëtzebuerg op hire Stänn allerhand lerdewueren: Tasen, Telleren, Wäibecheren, Humpen, allerhand Figurinnen, Vase fir Blummen, Blummendëppen, Zëmmersprangbueren, Plättercher, an aner Dekoratiounsartikelen. Hei fënnt den Amateur vun der Poterie alles, wat d'Häerz begiert. Natierlech kann een och deem engen oder aneren Aulenbäcker iwwer d'Schëller kucken, a gesinn, wéi sou en Objet aus Toun geformt gëtt.

Virun der Chamber ass um 11 Auer e schmassege Concert mat de „Stater Blechbléiser" (en Ensembel vun der Stad- a Lampertsbierger Musek). Am Nomëtteg, esou vun dräi bis véier Auer, trëppelt d'Strëpp vun der Grënnescher Musek iwwert den Aulebäckermaart an ënnerhält ons mat flotter Musek.

Den Ofschloss vum 7. Aulebäckermaart mécht d'Lidderuucht. Vun halwer fënnef bis sechs Auer spillt d'Lidderuucht, geklufft wéi déi besser Leit vun der Bourgeoisie sou tëscht 1820 an 1890, duerch d'Stroosse ronderëm de Palais, an erfreet lech an ons mat engem Potpourri vu Lëtzbuerger Lidder.

Natierlech ass och dofir gesuergt, datt de ganzen Dag dee klengen Honger an den Duuscht net ze kuerz kommen.

Mir freeën ons op Äre Besuch fir zesummen e puer flott Momenter ze verbréngen.

### ……….. an 1. Puzzle Contest an der Alstad

Fir Grouss a Kleng huet de Comité Alstad an Zesummenaarbecht mat den Éditions Schortgen e flotte Puzzle vun onsem Groussherzogleche Palais eraus ginn. D'Foto fir de Puzzle ass vun onsem Member Carlo Hommel. Eng kuerz Beschreiwung a verschiddene Sproochen ass bäim Puzzle derbäi.

Bestelle kann een de Puzzle vum Palais beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun 19 € op ee vun onse Konten bis spéitstens den 21. Abréll 2014:

| | |
|---|---|
| Spuerkees: | IBAN LU64 0019 1755 0897 0000 |
| Postscheck: | IBAN LU02 1111 0080 8736 0000 |
| BGL-BNP Paribas: | IBAN LU19 0030 7564 6694 0000 |

(mam Vermierk: Puzzle Palais)

De Puzzle besteet aus 1000 Stécker an huet e Format vun 48 cm x 68 cm.

Mir wëllen lech elo schonn drop opmierksam maachen, datt mir am Kader vum 7. Aulebäckermaart sonndesmëttes, den 1. Juni 2014 op der Place Clairefontaine e grousse Puzzle-Concours organiséiren, wou jidderee ka matmaachen. Reglement a Konditioune stinn an dësen Alstad News. Sollt schlecht Wieder deen Dag sinn, (wat mer jo net hoffen), gëtt de Puzzle-Concours am Sëtz vum Comité Alstad op N°1 an der Logegaass ofgehal.

*Fir weider Informatioune si mir um Telefon 46 61 88 ëmmer fir lech do.*

**MAM ERLÉIS VUN DE VENTE VUM LESCHTE JOER**

**huet de Comité Alstad en don fir Kannerbicher un D'CRÈCHE VUM PLATEAU ALTMUNSTER an un D'KANNERLAND um Lampertsbierg gemaach.**

**DËS AKTUIOUN GOUF VUN DER LIBRAIRIE ERNSTER ËNNERSTËTZT.**

ernster
l'esprit livre

# De Comité Alstad, d'Éimaischen an och Aneres (5)

**Zesummegestallt vum Claude Esch**

De Comité Alstad huet vun Ufank u ganz enk mat der Festkommissioun vun der Stad Lëtzebuerg zesummegeschafft. Mir sinn houfreg drop, datt dat och nach haut esou ass. 1937 gouf vun dem neigegrënnte Comité Alstad eng Éimaischen op d'Bee gesat, wéi de Fëschmaart well säit Joerzéngte keng méi gesinn hat. E Lëtzebuerger Keramiker aus dem Reckendall, de Peterse Jang, huet d'Initiative ergraff, fir Péckvillercher aus richtegem Nouspelter Leem ze man. Et wor eng Éimaischen mat Éirepaarten, Truechtegruppen an Ouschtereeër. Et gouf esouguer e Stéck Folklor ausgegruewen, wat bestëmmt scho säit engem Joerhonnert verschwonne wor, wann et och déi Säit der Sauer haut nach ganz lieweg ass; si haten e Meebam opgeriicht mat wäisse Bänner a Flätschen.

Zënter 1937, mat enger Ënnerbriechung vun de Krichsjoeren (well och d'Éimaischen gouf vun den Okkupanten op de Knuedler ëmgesiedelt, an domat hat de Comité Alstad emol fir 5 Joer eng Zwangspaus ageluecht) ass dann och de Comité Alstad mat engem Stand op der Éimaischen ze fannen. Eng ganz speziell Iddi haten d'Grënner vum Comité Alstad: d' Fest vun der Éimaische sollt och un e gudden Zweck gebonne sinn: Eppes de Leit unzebidden, wat nëmmen den Dag vun der Éimaischen ze kafe wor, an domat e sozialt Wierk ze ënnerstëtzen. Domat wor d'Éimaische gerett, a si huet bis haut nach net un Attraktivitéit a Popularitéit verluer. Awer mir musse gutt oppassen, well soss si mir erëm ganz séier op deem Punkt ukomm, datt ons Éimaischen nëmme méi e grousse Kreemchesmaart ass, an dofir ass de Comité Alstad eigentlech net gegrënnt ginn.

Vun Ufank un hat de Comité Alstad sech virgeholl, kulturell a folkloristesch Animatioun an der Alstad ze bedreiwen. Bis 1983 wor op Ouschtersonndeg, ëmmer um 4 Auer nomëttes op der Fëschmaarter Plaz, e Concert mat der Clausener Musek. Dëst wor geduecht als Optakt vun der Éimaischen. An nom Concert gouf et fir déi Kleng dat alt Kannerspill « Äerschëllen ». Äerschëllen ass, wéi dir wësst, d'Brulle vun den Äer iwwert eng Schinn erof, wou d'Äer um Buedem getéckt goufen. Dat wor eng gelleg Freed fir d'Kanner aus der Alstad an Ëmgéigend.

Eng aner Traditioun, déi sech bis zum heitegen Dag gehal huet, ass den Optrëtt vum beschtbekannte Folklorgrupp « Uucht» op der Éimaischen, mat hirem Gesank an Danz. Iwwregens wor de Grënner vum Comité Alstad, de Georges Schmitt, och Matbegrënner vun der „Uucht".

Bis ëm 1935 gouf et op der Éimaischen esou harmlos Volléksspiller wéi «Plaumekuch», e Keelespill a Form vun engem Tuerm, «d'Suëspill» beim Clementse Jang oder och nach « Bräiiessen », aus engem Fiederbett e Geldstéck mam Mond erausfëschen. Un dës Vollekspiller hu sech d'Membere vum Comité Alstad erënnert, an hu bis an d'60er Joeren eran am Nomëtteg op der Éimaische Kannerspiller organiséiert. Dat wore Spiller wéi zum Beispill « Saksprangen » oder eng Course mat enger Hand um Réck, an däer anerer Hand e Läffel, op deem en Ouschteree louch. Et wore Ballspiller derbäi, an nach vill Aneres méi. Dës Spiller woren ëmmer e groussen Erfolleg, well keent vun de Kanner, déi do matgemaach hunn, ass eidel ausgaang. Jidderee krut e schéine Präis. Awer och dat gëtt et haut net méi, dee leschte Concours wor esou ëm 1964.

Wéi gesot, de Comité Alstad huet kulturell a folkloristesch Animatioun an onser Alstad bedriwwen, an dat net nëmmen den Dag vun der Éimaischen. Esou wësse mer aus den Archive vun onse Virgänger, datt de Comité Alstad fir Groussherzogins Gebuertsdag mat engem geréschte Won, dee vun de Geschäftsleit aus dem Quartier finanzéiert gouf, bäim Fakelzuch derbäi wor.




FOTO ARCHIV COMITÉ ALSTAD




FOTOTHÉICK STAD LËTZEBUERG

(WEIDER AN DER ALSTAD NEWS 18)